

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wéi vill Leit feststelle kënnen, verschwënnt de Gebrauch vun der Lëtzebuenger Sprooch an de Spideeler ëmmer méi. Och eng aner administrativ Sprooch, dat Däitscht, ass ëmmer manner am Gebrauch, besonnesch wat de schrëftlechen Deel ugeet.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister.

- 1) An wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sprooche sinn d'Beschëlderungen an d'Denominatiounen bannent de Spideeler? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?
- 2) Gëtt et eng allgemeng Richtlinn fir d'Beschëlderung an d'Denominatiounen an de Spideeler? Falls jo, wéi eng Sprooche gesäit se vir, fir eng méiglechst grouss Transparenz ze garantéieren? Wann net, kéint d'Madamm Minister sech d'Aféierung vu sou enger Richtlinn virstellen?
- 3) A wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sprooche sinn d'Internetsäite vun de Spideeler? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?
- 4) Gëtt et eng allgemeng Richtlinn fir de Sproochgebrauch op den Internetsäite vun de Spideeler? Falls jo, wéi eng Sprooche gesäit se vir, fir eng méiglechst grouss Transparenz ze garantéieren? Wann net, kéint d'Madamm Minister sech d'Aféierung vu sou enger Richtlinn virstellen?
- 5) Falls et sech bei den Äntwerten op d'Froen 1) an 3) gréisstendeels em eng eesproocheg Kommunikatioun handelt (Monolinguisimus), wéi steet dëst am Aklang mat der vun der Regierung ëmmer erëm betounten Dräi- oder Méisproochegheet zu Lëtzebuerg?
- 6) Ass d'medezinescht Personal an de Spideeler ugehale fir Lëtzebuergesch ze léieren? Ginn et deementspreechend Coursen? Wa jo, wéi sinn se frequentéiert? An wéi sinn d'Resultater? Wann net, firwat net?
- 7) Huet e Patient an de Lëtzebuenger Spideeler d'Recht, sech fräi fir eng vun den dräi administrative Sproochen ze entscheeden an där hie mëndlech kommunizéiere wëll?
- 8) Huet en Patient an de Lëtzebuenger Spideeler d'Recht, sech fräi fir eng vun den dräi administrative Sproochen ze entscheeden an där hien déi schrëftlech Kommunikatioun (Ufroen, Formulieren, Informatiounen, Kontrakter, Attester, Diagnosen, asw.) wëll hunn?
- 9) Ginn et Fäll, an deenen dem Personal aus de Spideeler verbuede gëtt, Lëtzebuergesch ze schwätzen oder Lëtzebuergesch schrëftlech ze benotzen? Ginn et Fäll wou Membere vum Personal verbuede kréien an enger Situatioun Lëtzebuergesch ze schwätzen, zum Beispill an Reuniounen?

10) Kënne Membere vum Personal vun hirer Hierarchie/Direktioun bestrooft oder zur Rechenschaft gezu gi well si an enger Situatioun Lëtzebuergesch schwätzen, respektiv benotzen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten